N° 7686
Entrée le 01.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An de Medie gouf bericht, dass de 27te Februar 2023 op der N10 bei der Bollenduerfer Bréck en Aascht vun engem Bam op en Auto op der Strooss an e Kand, wat do ze Fouss ënnerwee war, gefall ass. Medieberichter no, soll d'Gemeng Bäerdref schonn zënter Méint gewosst hunn, dass de Bam banne faul wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen de Minister oder d'Ministesch bestätegen, dass zënter Méint bekannt war, dass de Bam bannen dra faul war?

2. Wiem gehéiert de Bam, vun deem den Aascht ofgebrach ass?

3. Onofhängeg dovu, wiem de Bam gehéiert, firwat hu weder d'Gemeng Bäerdref nach Ponts et chaussées de betraffene Bam am Interêt vun der ëffentlecher Sécherheet ewechmaache gelooss?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten